Ligue "Ons Jongen" Letzeburg,den 2I.November,1944.

Zentral-Komité

Letzeburg.

Un den

Sektio'ns-Komité Esch-Uelzecht

Betrefft: Bericht vun aerer Versammlong vum 3.II.1944.

Mir hun aere Bericht iwert d'Versammlong vum 3.II.1944. kritt.Mir kennen éch nemmen félicitéeren,dass dir d'Sach zu Esch eso' gutt an eso' entschlossen ugepakt hut.Zo' dem Bericht ass dathei ze bemirken:

I) Mir sin,wé de President R.Fandel richteg gesot huet, onofhaengeg vun allen aneren Organisatio'nen an stin op égene Féss.Ons Verhaeltnes zo' der Union ass ganz frendschaftlech a si kann versechert sin,dass mir nie ge'nt si schaffen.Mir verlangen awer och dass si nie gént ons schafft an dass,wann eventuell emol Schwieregketen entstoh sollen,dé Sach op engem gudde Wé beigeluegt get.

II) Wat ons finanziellt Verhaeltnis zu der Union ubelangt si mir der Ménong,dass mir ons do net ze vill un d'Union adreséeren sollen.Onse Stolz soll et sin selwer su vill wie meglech ze hellefen w;z.B. durch Souscriptio'nen,Musikveranstaltongen,E'erememberen asw.An dofir gefe mir éch bieden,éch dat gutt ze iwerléen,ir dir un d'Union zu Esch eruntried,fir dass e mettelosen Déserteur dén an d'Hémecht remkennt,eng gewessen Somme ausbezuelt kritt. Berotschlot éch nach eng Kéerdoriwer am Komité.Sollt dir dann erem zu dém selwegten Entschloss kommen;so' hut dir frei Hand doran ze man wi der wellt.Vergiesst nie dass mir an der Vergangenhét all Schwieregkét gemeschtert hun,andass mir och haut et nach net verléert hun.

Dé aner Ponkten, dé an aerem Bericht opgeziellt sin, koennen nemmen vun ons begrésst gin an mir bieden éch ons iwert aer musikalesch Veranstaltong um Lafenden ze halen.

Mir hun welles a naechster Zeit am ganze Land eng Revue spillen ze lossen, dé Episoden aus onsem Zaldote- an Déserteureliewen eroemgoett. Mir waeren éch dankbar, wann dir e pur Szenen zesummensetzen an ons erofschecken koennt. All aner gutt Idee fir dé Revue get mat Frieden opgeholl. Waer dir eventuell am Stand bei deser Gelénhét en Dél vum Orchester ze stellen?

A naechster Zeit erschengt ons Zeitung an enger zwangslosen Follech. Artikelen si ganz woellkomm.

D'Memberkarten an de Stempel kritt dir an de naechsten Dég zo'gestallt. Stempelen matt dem Datum, "le président" an "lesecrétaire" "le trésorier" muss dir éch selwer besuergen.

Un de Statuten sin e puer kleng Verbesserungen virgeholl gin. Se sin elo gedreckt an a naechster Zeit kritt der se erop.

D'Sektio'nskomitéen kommen och geschwoenn zesummen fir den definitiven Z.K. ze wielen.

Onse Buro ass Neipuert Nr.9

Wann aer Kartote'k opgestallt ass, scheckt ons se rof, well den Z.K. fe'ert eng Kartote'k vun alle Sektio'nen. Wann alles hei aged droen ass, kritt der se selbstverstaendlech eroem zereck.

Furt esu weider a Vive ons Jongen , Vive ons Ligue!

de President: de Sekretaer:

Eingegangen 24.11.44
Sachlich u. rechnerisch richtig